



Gemeinsam Äntwert vun dem Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung a vun der Madamm Ministesch fir Konsumenteschutz op d'parlamentaresch Fro n° 8228 vum 10. August 2023 vun dem éierewäerten Deputéierten Här Sven Clement

1. Ginn hei zu Lëtzebuerg am Moment Wëldfleesch-Produite verkaaft, déi ee Label hunn?

Wa jo, wéi eng Label sinn dat?

Wa jo, wéi vill Prozent vun de Wëld-Produiten hu schätzungsweis dës Labelen?

Wann nee, sinn d'Ministernen d'Accord, dass hei ee Label muss kommen?

Ass hei eppes Konkretes virgesinn?

Zu Lëtzebuerg gëtt de Moment kee Wëldfleesch ënner engem offiziell unerkannte spezifesch Label verkaaft.

De Ministère ass oppe fir esou en Label an huet eng spezifesch Legislatioun geschaaft, fir en Agrément op deene verschiddene Labelen vu landwirtschaftleche Produkter ze accordéieren, falls si déi Krittären erfëllen, déi am Gesetz virgesi sinn (*Loi du 3 juin 2022 relative à l'agrément d'un système de qualité ou de certification des produits agricoles*).

Ënner d'Definitioun vun engem «produit agricole» fällt och Wëldfleesch.

2. Gëllt eng Kennzeechnungspflicht fir Pärdsfleesch?

Ofgesinn vum Fait dass Pärdsfleesch keen Wëldfleesch ass gëtt et bei Pärdsfleesch keng Obligatioun fir eng Hierkonftskennzeechnung, sou wéi se beim Fleesch vun aneren Déiereregattungen existéiert (Ranner, Schwäin, Schof, Geessen a Gefligel).

Et muss just eng Identifizéierung bei verpaaktem Fleesch vum Betrib, wou dat Fleesch produzéiert gouf, drop sinn, déi ugëtt, a wéi engem Land dee Betrib läit a wéi eng Nummer en huet.

3. Wéi vill Wëldfleesch gëtt all Joer hei an d'Land importéiert? Wat sinn hei méiglech Grënn?

Heizou huet eise Ministère keng Statistiken, well den Import aus EU-Länner dem Prinzip vun der „Libre circulation des marchandises“ ënnerläit, an iwwer eise Cargozenten kee Wëldfleesch aus Drëttlänner importéiert gëtt.

De Fait, dass verschidde Betriber hei am Land Wëldfleesch importéieren, läit warscheinlech dodrun, dass si um nationale Marché net genuch Fleesch fannen.

De Konsumenteschutzministère ass de Moment amgaang ze analyséieren, wéi een en Observatoire de la consommation op d'Been kéint stellen. D'Ëmsetze vun sou engem Observatoire géif et erlabe fir méi Zuelematerial, souwuel quantitativ wéi och qualitativ, am Konsumeräich ze kréien.

4. Wéi vill vum importéierte Wëldfleesch kënn aus Gatterhaltung oder Ziichtung?

Heizou ginn et keng Statistiken, well dat Wëldfleesch net spezifesch gekennzeechent ass.

Lëtzebuerg, den 1. September 2023

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,
(s.) Claude HAAGEN